N°2809
Entrée le 29.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Martine Hansen a vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°2809 vum 27. August 2025 vun der honorabeler Deputéierten Claire Delcourt zum Sujet "Soutien étatique à l'association Sichhënn.lu".**

**Fro 1: Wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung zënter Dezember 2023 ënnerholl, nodeems et Reuniounen tëschent dem Veräi *Sichhënn.lu* an de concernéierte Ministèren an Autoritéite gouf?**

Et huet am November 2024 eng Entrevue tëschent dem Inneminister, dem deemolegen Directeur des Opérations adjoint an Directeur Unité de garde et d'appui opérationnel (UGAO) vun der Police an der ASBL stattfonnt, an där de Projet "Animal Responder" an d'Statistik vun 2023 presentéiert goufen.

D'Police ass zoustänneg fir Mënschen an net fir Déieren an intervenéiert just ganz sielen am Fall vun engem vermëssten Déier. Eng Ausnam ass, wann dat vermëssten Déier eng Gefor duerstellt. Deemno gouf an der Entrevue 2024 och keng konkret Zesummenaarbecht mat der Police oder Ënnerstëtzung duerch den Inneministère festgeluecht.

Am Januar 2025 huet d'ASBL hir Aktivitéiten de Responsable vun der Direction de la coordination opérationnelle vum CGDIS virgestallt.

De CGDIS ass zoustänneg fir d'Mënscherettung. Am Fall vun enger Sich no enger vermësster Persoun gëtt dës vum Groupe cynotechnique duerchgefouert. An der Entrevue 2025 tëscht dem CGDIS an der ASBL gouf och keng konkret Zesummenaarbecht ausgemaach.

Beim Treffen am Mee 2025 mat der Ministesch Madamm Hansen am Landwirtschaftsministère huet de Veräin seng Aarbecht an och d'Erausfuerderungen an deem Zesummenhang virgestallt.

**Froen 2 bis 5:**

- **Ass d'Regierung bereet, eng Konventioun oder eng reegelméisseg Subventioun mat dëser Associatioun opzestellen, fir hir Aarbecht finanziell ofzesécheren a fir eng professionell Struktur(z. B. eng administrativ Kraaft) kënnen ze schafen?**
- **Wéi gesäit d'Regierung generell d'Roll vu private Veräiner, am Kontext vum Déierewuel a vun der ëffentlecher Sécherheet? An a wéi wäit gesäit si et als hir Verantwortung un, esou Déngschter systematesch z'ënnerstëtzen?**
- **Ass virgesinn, sech mat den Déiereschutzorganisatiounen zesummen ze setzen, fir eng méi breet, national Koordinatioun am Beräich „vermëssten Hausdéieren" opzebauen?**
- **Falls keng direkt Ënnerstëtzung virgesinn ass: Wéi begrënnt d'Regierung dës Decisioun, a wéi eng Alternative gesäit si fir d'Fro vum Sich- an Asazdéngscht fir vermëssten Hausdéieren an Zukunft ze léisen?**

D'Police gräift am Fall vun enger Vermësstemeldung op hir eege Ressourcen zeréck. Wann zousätzlech Hondsstaffelen néideg sinn, schafft d'Police mat den offizielle Partner zesummen, dem CGDIS an der Croix-Rouge. Dës Equipe si professionell ausgebilt an d'Déieren si konform zu internationale Standarden trainéiert.

Leit déi der Police ee vermëssten Déier mellen, ginn an der Reegel u kompetent Kontaktstelle weidergeleet, dorënner och d'ASBL Sichhënn.lu. Et gëtt awer keng formell Zesummenaarbecht oder Ofkommes.

Mat de Rettungs-a Sichhënn vum CGDIS an der Croix rouge stinn zu Lëtzebuerg 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg genuch Hënn fir d'Missiounen déi de CGDIS laut Gesetz erfëlle muss, zur Verfügung. Et besteet also an deem Beräich kee Besoin fir op weider privat Vereenegunge mussen zéreckzegräifen.

De Landwirtschaftsministère kann iwwer ee Subside eng finanziell Ënnerstëtzung ginn. Eng formell Demande ass nach net agereecht ginn.

Lëtzebuerg, den 26. September 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau